adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 DEC. 2015
1629

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Bedrohung duerch den Terrorismus, huet d'Regierung an der Chamber e Gesetzesprojet hannerluecht deen eise Sécherheetsorganer eng Rëi nei Moossnamen zur Verfügung stellt fir d'Sécherheetslag ze verbesseren.

Nieft dëse juristesche Mesuren ass et awer och wichteg, datt ons Sécherheetsorganer iwwert dat néidegt Personal verfüge fir hir Missioune kënnen ze erfëllen. D'Arméi gehéiert zu dëse Sécherheetsorganer.

Nieft verstäerktem Asaz am Ausland, z.B. fir der Demande vu Frankräich nozekommen, kann d'Arméi am Noutfall och zu Lëtzebuerg agesat ginn. Zu de Missioune vun der Arméi gehéiert et:

- *deelzehuelen un der Protectioun vu vitale Plazen um nationalem Territoire;*
- *aner Administratiounen an der Populatioun bäizestoen am Fall vun engem gréisseren ëffentlechen Interessi oder bei Katastrofen.*

Dowéinst wëilt ech dem Här Verdeedegungsminister dës Froe stellen:

1. *Wéi héich ass den autoriséierten Effektiv vun der Lëtzebuerger Arméi?*
2. *Ass d'Regierung der Meenung, datt dësen Effektiv duergeet oder soll en, am Liicht vun de rezenten Evenementer an der Welt, erop gesat ginn?*
3. *Wéi ass d'Verhältnis, pro Carrière, tëschent dem autoriséierten an dem reellen Effektiv?*
4. *Huet d'Arméi am Ament genuch Offizéier, Ënneroffizéier, Kaporeel an Zaldoten fir hir Missiounen um nationalen Territoire am Noutfall ze erfëllen?*
5. *Ginn déi aktuell Rekrutementer duer fir Offizéier, Ënneroffizéier, Kaporeel an Zaldoten déi an d'Pensioun ginn ze ersetzen an d'Effektiver opzestocken? Wann neen, wat wëll d'Regierung ënnerhuele fir dëse Rekrutement ze verbesseren?*
6. *Wat sinn déi Haaptursaachen, datt esou wéineg jonk Leit kënnen an d'Arméi opgeholl ginn?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Défense Etienne SCHNEIDER op d'parlamentarsch Fro no. 1624 vum 9.Dezember 2015 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.

Den autoriséierten Effektiv vun der Lëtzebuerger Arméi ass an der « Loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire » zeréckgehaalen. D'Gesetz gesäit en maximalen Seuil vir fir all Carrière vun der Arméi (officier, sous-officier, caporal). Deen Seuil gëtt der Arméi en Kader fir ze wuessen en fonction vun den nationalen an internationalen Besoin'en an Engagementer vu Lëtzebuerg. Den Seuil ass nët ze verstoen wéi en Engagement oder eng Obligatioun fir op déi maximal Zuel ze kommen. Den Effektiv vum contingent vun den Soldats-volontaires ass fixéiert duerch den Art. 1 vum *Règlement Grand-Ducal du 24 mai 1998 portant fixation du contingent des volontaires de l'Armée.*

D'Zuel vun den Militär an deenen verschiddenen Carrièren vun der lëtzebuerger Arméi ereescht nët den maximalen Plafond. An der Offizéieschcarrière si mer op 68% vum effectiv théorique, bei den sous-officiers bei 71%, bei den Kaperäl bei 40% an bei den soldats-volontaires bei 61%. Au vu vun den aktuellen Besoin'en an Engagementer vun Lëtzebuerg an der Défense ass ons Arméi aktuell genügend opgestallt fir hir Tâchen an Obligatiounen ze erfëllen.

D'lëtzebuerger Arméi war och vun Ufank un an der Aarbechtsgruppe dobäi, déi den Plan Vigilnat äusgeschafft huet. En fonction vum niveau d'alerte steet d'Arméi prett an ass absolut en mesure sech ze mobiliséieren, fir déi Tâchen ze erfëllen déi sie zougedeelt kritt huet am Kader vum Vigilnat. Am Fall vun enger akuter Urgencensituatioun wärt d'Arméi all hir Ressourcen mobiliséieren. Le cas échéant wärten dann Prioritéiten gesaat gin wat den Asatz vun de Militär ugeet, och wat Äuslandsasätz betrëfft.

Dat nationalt an internationalt Ëmfelt verännert sech regelmässeg, an ët gëtt en continuéierlechen Exercice gefouert vun Analyse an Planificatioun fir sëcherzestellen dass mir ëmmer esou opgestallt sin wéi dat néideg ass. D'Direction de la Défense zesummen mat der Arméi schaffen regelmässeg drun fir eis Arméi attraktiv ze maachen. Et sin am Moment eng Série Mesuren an Iddien an der Etude, fir d'Attraktivitéit vun der Arméi ze verbesseren, den Recrutement an d'Luucht ze setzen an d'Reconversioun weider ze ënnerstëtzen. Déi Mesuren gin am laaf vun dësem Joer décidéiert an annoncéiert.

Départ'en an d'Pensioun gin alleguer 1 zu 1 ersaat, an ab 2016-2017 ass ët virgesin dass d'Zuel vun den Offizéier an sous-officiers och netto an d'Luucht geet. Wat déi nei Recrutementer ugeet, esou gëtt ët en groussen taux d'échec an der Musterung, esouwuel am schrëftlechen wéi am physeschen Test. Bei deenen déi an d'Instruction de Base erakomm sin gëtt eng Reih Jongen an Meedercher déi sech ët duerno aanescht iwwerléen an abandonnéieren well d'Arméisliewen nët hiren Erwardungen entsprecht. Fir deenen Problemer entgéint ze kommen laafen am Moment eng Série Etuden déi ei wärten Pisten ginn fir d'Selectiounstester ze adaptéieren. Et ass och geplangt fir eng classe préparatoire an der Arméischoul anzeféieren, déi déi interesséiert Candidaten kann op den Sélectiounstest an op d'Arméiliewen virbereeden, an mir erhoffen eis domatter den taux d'échec eroofzesetzen. Wat d'Reconversioun ugeet, do läit den taux de réussite wäit iwwer 90%, mä och do gin weider Effort'en gemeet, fir deen Taux nach wieder ze verbesseren an all den fréieren soldats-volontaires en Débouché um Aarbechtsmaart ze assuréieren.